Esch-Uelzecht, den 21. September 2026

ACEL – de Studentevertrieder
2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

# Logement a Transport Ëmfro

## Fuederungen vun der ACEL

Dëst Dokument resuméiert déi wichtegst Erkenntnisser aus der Logements- a Transportëmfro, déi d'ACEL Enn 2025 duerchgefouert huet, sou wéi d'Schlussfollgerungen an d'Fuerderungen déi d'ACEL aus dëser zitt.

## Deel 1: Logement

**Limitéiert Dauer fir d'Studentewunnengen (Fro 9)**

D'Resultater vun eiser Ëmfro weisen, dass bei engem Deel vun de Student:innen zwar d'Limitatioun vun der Wunndauer vun 3 Joer am Bachelor oder 2 Joer am Master an Doktorat bei de Studentewunnengen ob Verständnis stéisst, mee gläichzäiteg och vu villen Participanten als ze strikt empfonnt gëtt. D'Méiglechkeet dass d'Student:innen hir Wunneng musse verloossen, obwuel si hire Studium nach net ofgeschloss hunn, gëtt als grouss zousätzlech Belaaschtung a Stressfacteur genannt. Kritiséiert gouf och, dass d'Uni.lu Examen an Diplomiwwerreechungen nom 1. September organiséiert, soudass betraffe Student:innen fir eng ganz kuerz Zäit nach eng nei Wunneng musse fannen.

D'ACEL huet Verständnis dofir, dass duerch de limitéierte bezuelbare Wunnraum zu Lëtzebuerg d'Offer u Studentewunnengen esou organiséiert muss ginn, dass genuch Rotatioun garantéiert ass. Anerersäits bedauert d'ACEL et, dass Student:innen wärend hirem Studium enger zousätzlecher Belaaschtung, a Form vu Stress keng Wunneg méi ze hunn, ausgesat sinn.

D'ACEL fuerdert dofir, dass et soll et a begrënnte Fäll méiglech sinn, d'Wunndauer ze verlängeren, zum Beispill wann de Studium sech aus akademeschen, sozialen oder perséinleche

Grënn verlängert. Des Weidere soll séchergestallt ginn, dass dat akademescht Joer den 31. August ofgeschloss ass an no dëser Frist keng obligatoresch Veranstaltunge vun der Uni.lu méi stattfannen, fir déi Student:inne sech fir eng ganz kuerz Dauer nach eng Wunneng siche mussen.

D'ACEL fuerdert domat e méi flexibele System, dee souwuel dem Besoin no Rotatioun an de Studentewunnengen wéi och der reeller Situatioun vun de Student:innen Rechnung dréit.

**Accès zu Studentewunnengen (Froen 10, 11, 12)**

D'Resultater weisen, dass et fir vill Student:innen net ëmmer einfach ass, eng Studentewunnengen vun der Uni.lu ze kréien. Laang Waardezäiten, Refusen an eng deelweis onkloer oder lues Kommunikatioun féieren zu grousser Onsécherheet. Gläichzäiteg weisen d'Resultater, dass dës Problematik net all Student:in d'selwecht betrëfft. Besonnesch Student:innen vun ausserhalb der EU leide méi u  Refusen, Waardelëschten, an ontransparenter Kommunikatioun. Lëtzebuerger Student:innen hunn dogéint vill méi dacks alternativ Méiglechkeeten, notamment bleiwen am Elterenhaus wunnen.

Wann ee keng Uni.lu-Wunneng kritt, ass de private Wunnengsmarché déi wichtegst Alternativ, virun allem fir EU-Student:innen an nach méi fir Net-EU-Student:innen. Dësen ass fir si allerdéngs dacks keng fräiwëlleg, mee eng noutgedrongen Alternativ. D'ACEL begréisst dass de Koalitiounsaccord (S.48) vun der Regierung d'Noutwennegkeet unerkennt, d'Offer u Studentewunnengen auszebauen. D'Resultater weisen awer, dass aktuell nach eng däitlech Diskrepanz tëscht dësem Zil an der Situatioun vun de Student:innen besteet.

Aus Siicht vun der ACEL brauch et een eng méi transparent a fair Vergab vun de Studentewunnengenen op der Uni.lu, eng besser Kommunikatioun an eng däitlech Erhéijung vun der Offer. D'ACEL fuerdert dowéinst, dass bis 2030 insgesamt 1.600 Studentewunnenge gebaut ginn. Dës Projete solle bis spéitstens 2028 an Optrag ginn.

D'Kritären sollen an deem Kader kloer a verständlech sinn. Gläichzäiteg soll och de private Secteur gezielt integréiert an ënnerstëtzt ginn, fir d'Offer u Studentewunnengen auszebauen an un d'Besoine vun de Student:innen unzepassen. Eng verstäerkten Zesummenaarbecht mat de Gemengen an den Universitéiten, besonnesch vun Esch, den aneren Campusstanduerten, an hiren Nopeschgemenge kéint dobäi hëllefen, nei Projeten ze fërderen an Investissementer unzezéien. Besonnesch am Kontext, dass de private Marché aktuell d'Haaptalternativ fir international Student:innen duerstellt, ass et essenziell, dëse gezielt weiderz'entwéckelen, fir dass en net nëmmen eng Noutléisung bleift, mee eng reell, accessibel a bezuelbar Alternativ gëtt.

**Generell Logementssituatioun zu Lëtzebuerg (Fro 13)**

D'Kommentarer zur Wunnsituatioun weisen e kloert Bild: d'Haaptproblemer sinn héich Käschten, e Manktem u Wunnraum an de Besoin fir konkret Verbesserungen.

Am heefegste gëtt genannt, dass d'Wunnen ze deier ass. Student:innen beschreiwen, dass de Loyer e groussen Deel oder bal dat ganzt Akommes anhält, dass een eenzelt Zëmmer iwwer 1.000 € kaschte kann an dass eng onofhängeg Liewenssituatioun dacks net méiglech ass. Dës Problemer sinn däitlech méi staark bei Student:innen zu Lëtzebuerg ze erkennen, wärend d'Kommentarer vun deenen, déi am Ausland studéieren, manner kritesch ausfalen.

Dës Observatioune ginn och um politeschen Niveau bestätegt: de Koalitiounsaccord (S.48) erkennt d'Logementskris als eng zentral Erausfuerderung un an ënnersträicht d'Noutwennegkeet, d'Offer u bezuelbare Wunnengen ze erhéijen. D'Resultater weisen awer, dass Student:innen nach ëmmer mat héije Präisser an enger limitéierter Offer konfrontéiert sinn. Um private Marché maachen héich Demande, streng Konditiounen, notamment Akommesfuerderungen, an déi limitéiert Offer den Zougang nach méi schwéier.

Besonnesch international Student:inne si sech dëser Problematik zu Lëtzebuerg bewosst a beschreiwen hir Situatioun als méi schwiereg am Verglach zu Lëtzebuerger oder EU-Student:innen. Zousätzlech gi Qualitéitsproblemer, wéi schlecht Maintenance, Hygièneproblemer oder Kaméidi, genannt. Dëst weist, dass et net nëmmen ëm Präis an Disponibilitéit geet, mee och ëm d'Liewensqualitéit.

An deem Kontext formuléieren e puer Participanten eng Rei konkret Proposen, ënner anerem méi Studentewunnengen, besonnesch no beim Campus, méi bezuelbar Léisungen, eng Prioritéit fir international Student:innen a méi flexibel bzw. méi laang Wunnzäiten. Dëst weist, dass si net nëmmen d'Problemer identifizéieren, mee och konkret Léisungsusätz proposéieren.

Am Dialog mat Privatpromoteuren an der Firma WeConnect, déi intergenerationaalt Wunnen zu Lëtzebuerg promovéiert, ass däitlech ginn, dass ee grousse Problem um Privatmarché doranner besteet, dass verschidde Gemengen onkloer oder onattraktiv Konditioune fir de Bau vu Studentewunnengen hunn. Aner Gemenge leeschten dogéint virbildlech Aarbecht a schafe gezielt attraktiv Konditioune fir de Bau vu Studentewunnengen. Aus Siicht vun der ACEL ass de Bau vu Studentewunnengen eng Win-win-Situatioun fir Student a Gemengen. D'Gemenge profitéiere vun engem méi liewegen a lokalen Ëmfeld, wärend Student:innen Zougang zu abordabelem Wunnraum kréien. Dobäi kënnt, dass de Logementsministère de Bau vu Studentewunnengen aktiv ënnerstëtzt an, ënner bestëmmte Konditiounen, bis zu 100 % vun de Käschten iwwerhëllt. D'ACEL fuerdert dofir bis 2028 e Studentewunnengsgesetz, dat d'Reegele fir de Bau vu Studentewunnengen an alle Gemenge vereenheetlecht. D'ACEL soll aktiv un der Ausaarbechtung vun dësem Gesetz bedeelegt ginn.

Aus Perspektiv vun der ACEL ass d'Wunnsituatioun vun de Student:innen e strukturelle Problem zu Lëtzebuerg, deen d'Studiebedéngungen an d'Attraktivitéit vun der Uni.lu direkt beaflosst. Student:innen hu spezifesch Besoinen, déi vum allgemenge Wunnengsmaart net genuch

berécksiichtegt ginn. Laangfristeg kann déi aktuell Situatioun d'Fäegkeet vu Lëtzebuerg beaflossen, international Student:inne no hirem Studium am Land ze halen.

## Deel 2: Transport

**Transport fir op d'Uni (Fro 14-18)**

D'Resultater weisen, dass den ëffentlechen Transport dat wichtegst Transportmëttel vun de Student:innen ass, besonnesch bei deenen, déi zu Lëtzebuerg studéieren. Zu Fouss goen a mam Auto fuere spillen eng méi kleng, awer relevant Roll. Déi héich Notzung bedeit allerdéngs net automatesch eng héich Zefriddenheet. Vill Student:innen kritiséiere laang Reeszäiten, Verspéidungen, Ausfäll an d'Noutwendegkeet, verschidde Verkéiersmëttel ze kombinéieren.

De gratis ëffentlechen Transport stellt fir eng grouss Majoritéit vun de Student:innen zu Lëtzebuerg eng wichteg finanziell Entlaaschtung duer. Eng relevant Minoritéit ass awer wéinst laangen Distanzen oder onattraktive Verbindungen op den Auto ugewisen. Vill Ëmklammen, niddreg Frequenzen oder schlecht openeen ofgestëmmten Uschlëss kënnen d'Reeszäit däitlech verlängeren an d'Notzung vum ëffentlechen Transport méi kompliżéiert maachen. Doduerch entstinn zousätzlech Käschte fir Bensinn, Parking an aner Fraisen.

Bei der Reeszäit vum ëffentlechen Transport sinn d'Participantë bal gläichméisseg opgedeelt. Bei de Student:innen, déi zu Lëtzebuerg studéieren, fënnt eng knapp Majoritéit, dass den Transport ze laang dauert, wärend dat bei de Student:innen am Ausland nëmme fir eng Minoritéit de Fall ass. D'Bewäertung hänkt dobäi staark vum Wunnuert, dem Ëmklammen, den Uschlëss an der Disponibilitéit vun direkte Verbindungen of.

Déi zwee Haaptgrënn, wisou Student:innen den ëffentlechen Transport wéineg bis guer net benotzen, sinn d'Proximitéit zur Studieplaz an eng ze laang Reeszäit. Bei de Lëtzebuerger Student:innen nennt eng Majoritéit déi ze laang Dauer als Grond, wärend bei auslännesche Student:innen d'Proximitéit zum Campus eng méi grouss Roll spillt.

Insgesamt weisen d'Resultater, dass net nëmmen d'Existenz vun enger Verbindung entscheedend ass, mee ob si eng realistesch Alternativ zum Auto duerstellt. De gratis ëffentlechen Transport ass eng wichteg finanziell Entlaaschtung, mee laang Reeszäiten, schlecht Uschlëss, Verspéidungen an Ausfäll kënnen dozou féieren, dass Student:innen trotzdeem op aner Transportmëttel zeréckgräifen.

Am Objectif 2028, deen am Kader vun de Parlamentswalen 2023 vun der ACEL veröffentlecht gouf, hat d'ACEL 2023 an der Partie „Attraktiven ëffentlechen Transport“ (S. 12) schonn drop higewisen, dass den Auto eng finanziell Investitioun ass, déi net jiddereen maache kann oder wëll, an dass Student:innen ouni Auto op Alternativen ewéi den ëffentlechen Transport zeréckgräife

musse kënnen. D'ACEL huet een effektiven a moderne Bus- an Zuchreseau gefuerdert, deen en einfachen Zougang zu de Bildungsinstitutiounen erméiglecht. Gläichzäiteg gouf kritiséiert, dass den ëffentlechen Transport national an international nach net attraktiv genuch ass, ënner anerem wéinst onflexibelen Auerzäiten, Ausfäll a Verspéidungen, zäitintensiven Trajeten a grousse Präisdifferenze jee no Auslandszil.

De Koalitiounsaccord (S. 198–199) gräift eng Rei vun de Problemer op, déi och an der Ëmfro sichtbar goufen. D'Regierung mécht d'Mobilitéit zu enger Prioritéit a setzt op Multimodalitéit. Beim Zuch soll d'Kapazitéit vum Eisebunnsreseau ausgebaut ginn. Explizitt Ziler sinn eng Verbesserung vun der Frequenz, Pünktlechkeet an Zouverlässegkeet. Och d'international Verbindunge sollen ausgebaut ginn, ënner anerem a Richtung Belsch, Frankräich an Däitschland. Beim Bus gesäit een eng déifgräifend Analyse vum RGTR-Reseau am ländleche Raum, eng besser Ofstëmmung vun de Bus- an Zuchfuerpläng, souwéi den Ausbau vun Express- an On-Demand-Offeren. Och de schnellen Tram tëscht der Stad Lëtzebuerg an Esch-Uelzecht ass virgesinn an et soll consideréiert ginn, ob weider séier Tramsverbindunge méiglech wieren.

D'ACEL begréisst de gratis ëffentlechen Transport zu Lëtzebuerg als eng wichteg finanziell a sozial Entlaaschtung fir Student:innen. De gratis Transport bedeit awer net automatesch eng einfach an attraktiv Mobilitéit. Fir d'ACEL muss den ëffentlechen Transport eng realistesch Alternativ zum Auto duerstellen. Besonnesch muss d'Situatioun vun de Student:innen berücksichtegt ginn, déi aus ländleche Regiounen a vu méi wäit ewech op d'Uni pendelen. Entscheedend sinn déi effektiv Dier-zu-Dier-Reeszäit, d'Pünktlechkeet, d'Zouverlässegkeet an d'Multimodalitéit.

Gläichzäiteg däerf Mobilitéitspolitik net isoléiert vun der Wunnengspolitik betruecht ginn. Student:innen, déi bezuelbare Wunnraum an der Géigend vun hirem Campus fannen, hunn automatesch méi kuerz Pendelweeër a si manner op den Auto oder laang Transportverbindungen ugewise.

D'ACEL fuerdert eng systematesch Evaluatioun vun den Haaptpendelachsen vun de Student:innen, zesummen mat der Uni.lu, dem Mobilitéitsministère, den Transportoperateuren an de Student:innen. Dobäi sollen déi tatsächlech Dier-zu-Dier-Reeszäiten, Ëmklammen, Verspéidungen, Ausfäll a Besetzung berücksichtegt ginn.

Et solle méi direkt Expressverbindungen op d'Campusstanduerter geschaf ginn, besonnesch aus Regiounen, wou vill Ëmklammen oder Ëmweeër d'Reeszäit verlängeren. D'Verbindungen aus dem Norden, Osten a Westen op de Belval solle geziilt verbessert ginn.

Frequenzen, Fuerpläng, Kapazitéiten an Uschlëss sollen dobäi un déi tatsächlech Besoine vun de Student:innen an un d'Courszäiten ugepasst ginn. D'Verbindung tëscht Belval a Kierchbierg soll geziilt evaluéiert ginn. E Campuswiessel tëscht zwee Coursë muss bannent enger raisonnabeler Zäit méiglech sinn. Dobäi sollen och eng direkt Navette, déi scho mol den Trajet tëscht den zwee Campusse gemaach huet, d'Koordinatioun mat de Stonnepläng an adequat Ersatzverbindunge bei Ausfäll gepréift ginn.

Am ländleche Raum solle flexibel On-Demand-Offeren ausgebaut ginn. Modeller ewéi de VRT-FlexBus kënnen als Inspiratioun déngen, fir esou Regiounen, an deenen eng klassesch Buslinn mat héijer Frequenz schwéier ëmsetzbar ass.

Fir Student:innen am Ausland solle grenziwwerschreidend Verbindungen a Studententariffer verbessert ginn. D'Regierung soll sech fir méi séier an direkt Verbindungen an déi wichtegst Studentestied an eng besser géigesäiteg Unerkennung vu studenteschen Transportvergënschtegungen asetzen.

Fir Student:innen, déi keng realistesch Alternativ zum Auto hunn, solle cibléiert Léisunge gepréift ginn, beispillsweis e limitéierten Zougang zu Parkméiglechkeeten (sou Systemer ginn et schonn op verschiddenen auslänneschen Unien, wou eng Vignette agefouert gouf fir Student:innen ab enger gewëssener Ureeszäit) oder besser Park-and-Ride-Verbindungen. Esou Mesurë sollen den Ausbau vum ëffentlechen Transport awer just ergänzen an net ersetzen.

**Generell Transportssituatioun fir Student:innen zu Letzebuerg (Fro 19)**

Déi generell Kommentare bestätegen d'Problemer, déi schonn an de viregte Froe vum Transportdeel ervirkomm sinn. Och wann eng Rei Student:innen sech positiv zum ëffentlechen Transport äusseren an notamment de Fakt dat e gratis ass begréissen, ginn ëmmer erëm laang Reeszäiten, Verspéidungen, Ausfäll a schlecht oder onpraktesch Verbindungen als Problemer genannt.

D'Kommentarer weisen dobäi, dass net nëmmen déi direkt Verbindung op d'Uni relevant ass, mee déi komplett Dier-zu-Dier-Reeszäit. Besonnesch ausserhalb vun de gutt ugeschlossenen Uertschafte ka schonn de Wee bis bei den nächsten Arrêt oder d'Gare eng Hürd duerstellen. Méi heefeg regional Busverbindungen, besser Uschlëss souwéi Park-and-Ride- a Bike-and-Ride-Méiglechkeete kënnen dozou bäidroen, den ëffentlechen Transport och aus dëse Regiounen zu enger realistescher Alternativ ze maachen.

D'ACEL fuerdert insgesamt, dass d'Studentemobilitéit als eng komplett Reesketten ugesi gëtt, vum Wunnuert bis op de Campus an, wann néideg, tëscht de verschiddene Campusstanduerter. Dat den ëffentlechen Transport gratis ass, ass eng wichteg Basis, mee fir dass Student:innen en tatsächlech als Alternativ notze kënnen, muss en och séier, zouverlässeg, gutt vernetzt an aus alle Regioune praktikabel zougänglech sinn.